



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6058 vum 11. Abrëll 2022 vun dem éierwäerten Deputéierten Gusty Graas iwwert "Plan d'action et de gestion relatif au loup"

An engem Artikel deen de Weekend an enger lëtzebuenger Dageszeitung publizéiert gouf, gëtt déi aktuell Politik betreffend de Wollëf hei zu Lëtzebuerg vun engem Schéifer kritiséiert.

Mam „Aktions- a Managementplang fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“ deen 2017 ausgeschafft gouf, géif ee sech um Terrain als Schéifer eleng gelooss fillen. Weider heescht et, dass „d'Wanderschäferi“ an hirer jëtzege Form a Gefor wier wann de Wollef sech zu Lëtzebuerg géif nidderloossen.

1. Deelt Madamm Ministesch d'Aschätzung dass Efforten an dëser Thematik musse gemaach ginn?

Déi Aschätzung gëtt net gedeelt. De besoten Aktions- a Managementplang ass effektiv 2017 publizéiert ginn¹, no der Consultatioun vun engem Begleedungscomité mat Verrieder aus staatleche Verwaltungen, awer besonnesch och mat Verrieder vun Ziichter (z.B. dem Daachverband vun de Lëtzebuenger Schof- a Geessenziichter, DVLSGZ) a Jeeër. An der Praxis funktionéiert d'Ëmsetzung vum Plang gutt.

2. Wa jo, wat ass Madamm Ministesch gewëllt ze maache fir d'Präventioun géint de Wollef ze verbesseren?

De Wollef ass laut der europäescher wéi och der nationaler Gesetzesgebung (nationaalt modifizéiert Naturschutzgesetz vun 2018² a modifizéiert groussherzoglecht Reglement vun 2009³) eng integral geschützten Déierenaart.

Deemno wier et net legal eng "Präventioun géint de Wollef" ze bedreiwen. Par conter gesäit besoten Aktions- a Managementplang awer eng ganz Rei vu Präventiounsmoosname vir, déi ëmgusat a finanzéiert kënnen ginn, mam Zil, d'Attacke vum Wollef op Schof a Geessen ze verhënneren oder op d'mannst däitlech ze erschwéieren.

3. Ass ugeduecht den aktuellen „Aktions- a Managementplan fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“ eventuell ze iwwerschaffen?"

Den Aktions- a Managementplang ass een dynamescht Dokument dat duerchaus kann iwwerschafft ginn, wann dat néideg sollt sinn. Wéi hei virdrun ugedeit, funktionéiert de Plang a seng Moosnamen an der Praxis gutt an et besteet momentan keen zwéngenden Handlungsbedarf fir eng Modifikatioun.

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

¹ https://environnement.public.lu/fr/publications/chasse/bulletin_technique_BT5.html

² <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/18/a771/jo>

³ <https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2009/01/09/n3/jo?msclkid=147867f7d07d11ecad45ec1fb35cb892>